

Gemengerot Esch

Rapport analytique N°8 / 2011



Le Marché de Noël 2010 sur la place de l'Hôtel de Ville



www.esch.lu

**Séance du Conseil communal du
vendredi 21 octobre 2011**

Seniorefeier 2011

ARISTON (salle des Fêtes 2^e étage)
66, rue Zénon Bernard
Esch-sur-Alzette

Matinées de 15h00 à 19h00

Animation musicale: Sandy & Rol Girres et Jeannot Conter

Lundi 28 novembre 2011

Mardi 29 novembre 2011

Mercredi 30 novembre 2011

Jeudi 1 décembre 2011

Vendredi 2 décembre 2011

Lundi 5 décembre 2011

Mardi 6 décembre 2011

Mercredi 7 décembre 2011

Jeudi 8 décembre 2011

Vendredi 9 décembre 2011



Conseillers présents:


M. Marc Baum – Mme Jeanne Becker – M. Félix Braz – M. Daniel Codello – Mme Annette Hildgen – M. Henri Hinterscheid – M. Jean Huss – M. Aly Jaerling – M. Pierre-Marc Knaff – M. Frunnes Maroldt – Mme Lydia Mutsch – M. Roger Roller – M. John Snel – Mme Vera Spautz – M. Jean Tonnar – M. Paul Weidig – M. Everard Wohlfarth – M. André Zwally

Conseillers absents:

Mme Mady Hannen

Ordre du jour

| | Page |
|---|------|
| Réunion à huis clos | |
| 1. Questions de personnel (présentations de candidats, nominations aux emplois, promotions, démissions); décision | |
| Réunion publique | |
| 2. Information au public des décisions de personnel | 4 |
| 3. Correspondance | 6 |
| 4. Enseignement: | |
| a) Scolaria – version finalisée; décision | 6 |
| b) Travail organique + règlement interne: version définitive; décision | 6 |
| 5. Construction d'une Auberge de Jeunesse: | |
| a) information | 6 |
| b) compromis d'échange; décision | 6 |
| 6. Pré-certification en or du site Belval par la „Deutsche Gesellschaft für nachhaltiges Bauen“; information | 11 |
| 7. Avenant à la convention avec la Kulturfabrik asbl + 50% participation à l'augmentation salariale; décision | 12 |
| 8. Transactions immobilières; décision | 12 |
| 9. Questions de personnel (création et suppression de poste, réduction et prolongation de stage); décision | 13 |
| 10. Subsidés extraordinaires; décision | 13 |
| 11. Règlements de la circulation routière; confirmation et décision | 14 |
| 12. Remerciements aux membres sortants du conseil communal | 14 |



**Sitzung vum Escher Gemengerot
Freideg, den 21. Oktober 2011**

2. Information au public des décisions de personnel

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): "E ganz schéine gudde Moien och a Präsenz vun eise Verriederinnen a Verrieder vun der Press. Dëst ass a viller Hinsicht eng ganz besonnesch Gemengerothsetzung déi mer hunn, well wuel eng Rei vu Punkten drop sinn déi net konnte waarde bis deen neie Schäfferot a Gemengerot am Amt ass, mä well et virun allem och drëm geet fir deenen haut Awar ze soen an hinne Merci ze soen, déi déi fräiwëlleg oder e bësse manner fräiwëlleg an deenen nächste Joeren net méi hei dobäi sinn. An dofir sinn ech frou, dass och eis Press esou zahlräich haut dobäi ass fir dëser exzeptioneller Sëtzung bäizewunnen. Mir haten elo just de Huis clos iwver d'Personalfroen déi lech, wéi dat hei d'Traditioun ass, am Laf vun dëser Sëtzung zougestallt ginn, déi Décisiounen déi do geholl gi sinn."

A) Démissions

- 1) *Démission honorable à accorder, sur sa demande et avec effet au 1^{er} novembre 2011, à Monsieur Jeannot Clement, secrétaire communal.*
- 2) *Démission honorable à accorder, sur sa demande et avec effet au 1^{er} mars 2012, à Monsieur Claude Arnoldy, affecté au service informatique.*
- 3) *Démission honorable à accorder avec effet au 1^{er} novembre 2011 à Monsieur Patrick Jung, chef de brigade dirigeant remplissant la fonction du garde champêtre.*

B) Résiliation de contrats d'engagement.

- 1) *Résiliation, sur sa demande et avec effet au 15 septembre 2011, du contrat d'engagement conclu pour une durée indéterminée avec Madame Alexandra Gilson, éducatrice diplômée auprès des structures socio-éducatives de la Ville.*
- 2) *Résiliation, sur sa demande et avec effet au 15 septembre 2011, du contrat d'engagement conclu pour une durée indéterminée avec Monsieur Jérôme Reiland, éducateur diplômé auprès des structures socio-éducatives de la Ville.*
- 3) *Résiliation, sur sa demande et avec effet au 15 septembre 2011, du contrat d'engagement conclu pour une durée indéterminée avec Madame Patricia Schickes, dont l'affectation a lieu auprès des structures socio-éducatives de la Ville.*

4) *Résiliation, sur sa demande et avec effet au 1^{er} octobre 2011, du contrat d'engagement conclu pour une durée indéterminée avec Madame Mariken Eeckels ép. Picard, éducatrice diplômée auprès des structures socio-éducatives de la Ville.*

5) *Résiliation, sur sa demande et avec effet au 1^{er} octobre 2011, du contrat d'engagement conclu pour une durée indéterminée avec Madame Vera Pereira Gonçalves, chargée des fonctions de délégué à la sécurité.*

D) Nomination dans la carrière du rédacteur.

Nomination d'un rédacteur de la Ville dont l'affectation aura avoir lieu au théâtre municipal (avis de publication du 13 août 2011).

E) Nominations provisoires

Carrière de l'expéditionnaire administratif.

Nomination provisoire de deux expéditionnaires administratifs de la Ville. (grade de début de carrière: grade 4). Avis de publication du collège échevinal du 9 mars 2011.

F) Nominations définitives.

Carrière de l'agent municipal.

1) *Nomination définitive de Monsieur Sammy Bintz aux fonctions d'agent municipal, avec effet au 1^{er} août 2011. (Effet: nomination définitive conférée 1^{er} du mois qui suit la publication des résultats d'examen)*

G) Avancement en traitement.

Application du règlement grand-ducal du 11 septembre 2006 qui modifie celui du 4 avril 1964 portant assimilation des traitements des fonctionnaires communaux etc. à ceux des fonctionnaires de l'Etat, stipule entre autres que le fonctionnaire, qui après au moins douze années de bons et loyaux services passés dans son grade depuis sa dernière promotion n'a pas obtenu de nouvelle promotion, peut bénéficier d'un avancement en traitement pareil au premier.

L'avancement en traitement visé par le paragraphe qui précède peut être accordé par le conseil communal au fonctionnaire sur sa demande et sur avis du collège échevinal, conformément aux articles 15 II et 17 XI-1 du règlement grand-ducal modifié du 4.4.1964.

Le fonctionnaire désigné ci-après remplit les conditions requises lui permettant de bénéficier d'un avancement en traitement en application des dis-

positions règlementaires pré-indiquées, et notamment:

Pinto Da Costa Mario

Dernière promotion: 1.6.1999

Fonction et grade: artisan ppl-grade 6

L'avancement en traitement pourra

être accordé avec effet au: 1.7.2011

Avancement au grade 7

Remarque:

Demande présentée le 28.6.2011

H) Promotions

Carrière de l'expéditionnaire technique

1) *Promotion avec effet au 1^{er} février*

2012 de Monsieur Claude Millang,

affecté au département des travaux

municipaux, aux fonctions de premier

commis technique principal (grade

8bis).

2) *Promotion avec effet au 1^{er} février*

2012 de Monsieur Marco Fautsch, chef

d'atelier au garage municipal occu-

pant la fonction d'un commis tech-

nique principal (grade 8) depuis le

1.7.2011.

3) *Promotion avec effet au 1^{er}*

novembre 2011 de Monsieur Frank

Fogel, commis technique (grade 7)

depuis le 1.09.2002, affecté au départe-

ment des travaux municipaux, ser-

vice de l'architecte, aux fonctions de

commis technique principal (grade 8).

4) *Promotion avec effet au 1^{er} février*

2012 de Monsieur Frank Nieuwenhuis,

commis technique (grade 7) depuis le

1.04.2008, affecté au département des

travaux municipaux, génie civil, aux

fonctions de commis technique princi-

pal (grade 8).

Carrière de l'artisan.

Promotion avec effet au 1^{er} novembre

2011 de Monsieur Alain Spies, artisan

principal (grade 6) depuis le

1.07.1997, affecté au département des

services industriels, aux fonctions de

premier artisan principal (grade 7).

Carrière de l'expéditionnaire adminis-

tratif.

1) *Promotion avec effet au 1^{er} sep-*

tembre 2011 de Monsieur Alex Kirsch,

commis principal (grade 8) depuis le

1.1.1998, affecté au service des

citoyens, aux fonctions de premier

commis technique principal (grade

8bis).

l) *Questions de personnel engagé soit*

sous le régime de l'employé communal,

soit sous celui du salarié.

1) *Engagement avec effet au 15 août*

2011 et moyennant un contrat de tra-

vail à durée déterminée de quatre mois

de Monsieur Tom Sagramola, comme

salarié administratif auprès des struc-

tures socio-éducatives de la Ville. L'in-

téressé est appelé à effectuer le remplacement d'une salariée bénéficiant d'un congé de maladie de longue durée. L'intéressé a réussi l'examen d'admissibilité aux fonctions d'expéditionnaire administratif lors de la première session de 2011.

2) Engagement avec effet au 1^{er} septembre 2011 et moyennant un contrat de travail à durée déterminée de quatre mois (respectivement jusqu'au moment où le nouveau titulaire du poste d'expéditionnaire administratif vacant au service budget du département des travaux municipaux entrera en service) de Monsieur Sam Lippert, comme salarié administratif auprès du département des travaux municipaux, service budget. L'intéressé a réussi l'examen d'admissibilité aux fonctions d'expéditionnaire administratif lors de la première session de 2011.

3) Engagement à durée indéterminée de Monsieur Christophe Biver, détenteur du diplôme «Bachelor professionnel en sciences sociales et éducatives» décerné par l'Université du Luxembourg en 2009, comme éducateur gradué pour les besoins des structures socio-éducatives de la Ville. L'intéressé sera admis au régime du salarié. Il occupera un des postes d'éducateur gradué nouvellement créés par décision du conseil communal du 17 juin 2011.

4) Engagement à mi-temps et à durée indéterminée de Madame Claudine Meisenburg, détentrice du diplôme d'éducatrice graduée décerné par l'IEES en 2004, comme éducatrice graduée pour les besoins des structures socio-éducatives de la Ville. L'intéressée sera admise au régime du salarié.

5) Engagement à durée indéterminée de Madame Sandy Vitali détentrice du diplôme d'éducatrice spécialisée décerné par l'Ecole Industrielle et Commerciale d'Arlon-Mirwart en 2009, comme éducatrice graduée pour les besoins des structures socio-éducatives de la Ville. L'intéressée sera admise au régime du salarié. Elle occupera un des postes d'éducateur gradué nouvellement créés par décision du conseil communal du 17 juin 2011.

6) Engagement à durée indéterminée de Madame Manon Block, détentrice du diplôme d'éducateur diplômé décerné par le Lycée Technique pour Professions Educatives et Sociales en 2006, comme éducatrice diplômée pour les besoins des structures socio-éducatives de la Ville. L'intéressée sera admise au régime du salarié. Elle occupera un des postes d'éducateur diplômé

novellement créés par décision du conseil communal du 17 juin 2011.

7) Engagement à durée indéterminée de Madame Patricia Da Costa Gonçalves, détentrice du diplôme d'éducateur diplômé décerné par le Lycée Technique pour Professions Educatives et Sociales, comme éducatrice diplômée pour les besoins des structures socio-éducatives de la Ville. L'intéressée sera admise au régime du salarié. Elle occupera un des postes d'éducateur diplômé nouvellement créés par décision du conseil communal du 17 juin 2011.

8) Engagement à durée indéterminée de Madame Bianca Davelli, détentrice du diplôme d'éducateur diplômé décerné par le Lycée Technique pour Professions Educatives et Sociales en 2006, comme éducatrice diplômée pour les besoins des structures socio-éducatives de la Ville. L'intéressée sera admise au régime du salarié. Elle occupera un des postes d'éducateur diplômé nouvellement créés par décision du conseil communal du 17 juin 2011.

9) Engagement à durée indéterminée de Madame Dawn Hoor ép. Wagner, détentrice du diplôme d'éducateur diplômé décerné par l'IEES en 1998, comme éducatrice diplômée pour les besoins des structures socio-éducatives de la Ville. L'intéressée sera admise au régime du salarié. Elle occupera un des postes d'éducateur diplômé nouvellement créés par décision du conseil communal du 17 juin 2011.

10) Engagement à durée indéterminée de Madame Elvira Jusufovic, détentrice du diplôme d'éducateur diplômé décerné par le Lycée Technique pour Professions Educatives et Sociales en 2007, comme éducatrice diplômée pour les besoins des structures socio-éducatives de la Ville. L'intéressée sera admise au régime du salarié. Elle occupera un des postes d'éducateur diplômé nouvellement créés par décision du conseil communal du 17 juin 2011.

11) Engagement à durée indéterminée de Madame Melissa Linck, détentrice du diplôme d'éducateur diplômé décerné par le Lycée Technique pour Professions Educatives et Sociales en 2011, comme éducatrice diplômée pour les besoins des structures socio-éducatives de la Ville. L'intéressée sera admise au régime du salarié. Elle occupera un des postes d'éducateur diplômé nouvellement créés par décision du conseil communal du 17 juin 2011.

12) Engagement à durée indéterminée de Madame Lola Mondloch, détentrice du diplôme d'éducateur diplômé décerné en 2008, comme éducatrice

diplômée pour les besoins des structures socio-éducatives de la Ville. L'intéressée sera admise au régime du salarié. Elle occupera un des postes d'éducateur diplômé nouvellement créés par décision du conseil communal du 17 juin 2011.

13) Engagement à durée indéterminée de Madame Jessica Pauly, détentrice du diplôme d'éducateur diplômé décerné par le Lycée Technique pour Professions Educatives et Sociales en 2011, comme éducatrice diplômée pour les besoins des structures socio-éducatives de la Ville. L'intéressée sera admise au régime du salarié. Elle occupera un des postes d'éducateur diplômé nouvellement créés par décision du conseil communal du 17 juin 2011.

14) Engagement à durée indéterminée de Madame Samantha Slaby, détentrice du diplôme d'éducateur diplômé décerné par le Lycée Technique pour Professions Educatives et Sociales en 2011, comme éducatrice diplômée pour les besoins des structures socio-éducatives de la Ville. L'intéressée sera admise au régime du salarié. Elle occupera un des postes d'éducateur diplômé nouvellement créés par décision du conseil communal du 17 juin 2011.

15) Engagement à durée indéterminée de Monsieur Sascha Wieshoff, détenteur du diplôme d'éducateur diplômé décerné par l'IEES en 2004, comme éducateur diplômé pour les besoins des structures socio-éducatives de la Ville. L'intéressé sera admis au régime du salarié. Il occupera un des postes d'éducateur gradué nouvellement créés par décision du conseil communal du 17 juin 2011.

16) Engagement à durée indéterminée de Madame Marisa Afonso Gomes, détentrice du certificat de qualification de sixième année de l'enseignement secondaire technique, subdivision agente d'éducation décerné par l'Institut Notre-Dame d'Arlon en 2011, comme éducatrice diplômée pour les besoins des structures socio-éducatives de la Ville. L'intéressée sera admise au régime du salarié. Elle occupera un des postes d'éducateur diplômé nouvellement créés par décision du conseil communal du 17 juin 2011.

17) Engagement à durée indéterminée de Madame Aurélie Martinez, détentrice du diplôme d'éducateur diplômé décerné par le Lycée Technique pour Professions Educatives et Sociales en 2011, comme éducatrice diplômée pour les besoins des structures socio-éducatives de la Ville. L'intéressée sera admise au régime du salarié. Elle occu-

pera un des postes d'éducateur diplômé nouvellement créés par décision du conseil communal du 17 juin 2011.

18) Engagement à durée indéterminée de Madame Anne Mathias, détentrice du diplôme d'éducateur diplômé décerné par le Lycée Technique pour Professions Educatives et Sociales en 2011, comme éducatrice diplômée pour les besoins des structures socio-éducatives de la Ville. L'intéressée sera admise au régime du salarié. Elle occupera un des postes d'éducateur diplômé nouvellement créés par décision du conseil communal du 17 juin 2011.

19) Engagement à durée indéterminée de Monsieur Rafal Zborowski, détenteur du diplôme d'éducateur diplômé décerné par le Lycée Technique pour Professions Educatives et Sociales en 2011, comme éducateur diplômé pour les besoins des structures socio-éducatives de la Ville. L'intéressé sera admis au régime du salarié. Il occupera un des postes d'éducateur gradué nouvellement créés par décision du conseil communal du 17 juin 2011.

20) Engagement à durée indéterminée de Madame Nadine Schneider, détentrice du diplôme d'éducateur diplômé décerné par le Lycée Technique pour Professions Educatives et Sociales en 2011, comme éducatrice diplômée pour les besoins du service JEUNESSE. L'intéressée sera admise au régime du salarié. Elle occupera un des postes d'éducateur diplômé nouvellement créés par décision du conseil communal du 1^{er} avril 2011.

21) Engagement à mi-temps et à durée indéterminée d'un caissier pour les besoins du théâtre municipal. Le nouveau titulaire sera engagé sous le régime de l'employé communal. Le degré d'occupation est fixé à 20/40ièmes.

22) Engagement avec effet au 1^{er} octobre 2011 moyennant un contrat de travail à durée indéterminée de Madame Nicole Brandenburger, comme employée communale au conservatoire de musique.

3. Correspondance

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): "Mir hunn ënner Korrespondenz eng Informatioun déi eis op eng ganz flott Aart a Weis opbereet ginn ass vun eisem Service Relations publiques an zwar d'Arrivée vun deem neie Boeing 747-8F vu Cargolux. E Boeing vun der neier Generatioun, wou bal keen elo méi wäert froen: Ma, wat ass de Lien zum Gemen-

gerot? Well jiddweree weess mëttlerweil, dass de Lien zum Gemengerot deen ass, dass den alleréischten neie Boeing vun der neier Generatioun op den Numm „City of Esch-sur-Alzette“ gedeefst ass an ech mengen et ass net iwuerdriwwen ze soen, dass mer dat ënner anerem a virun allem engem Escher ze verdanken hunn, nämlech dem Chef vun der Cargolux, dem Frank Reimen. An him am Numm vun der ganzer Equipe déi déi Décisioun mat geholl hunn, e ganz grouse Merci. Mir sinn natierlech e Kapp méi grouss ginn duerch déi Eier déi mer erwise kritt hunn. Fir eis ass dat eng schéi Symbolik fir déi zweetgréisst Stad vum Land a mir soen e grouse Merci. Mir freeën eis dann och schonn op déi offiziell Inauguratioun vun der neier Maschinn. A wéi gesot, d'Donnéen doriwwer sinn all an enger klenger Informatioun verpaakt."

4. Enseignement:

a) Scolaria – version finalisée; décision

b) Travail organique + règlement interne: version définitive; décision

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): "Mir géingen dann direkt – e bësse méi Rou wann ech gelift – zum Punkt 4 kommen. Dat ass de Punkt „Enseignement“ an do geet d'Wuert un eise Schoulschäffen, den Här Tonnar, souwuel fir d'Scolaria wéi och fir den Travail organique an de Règlement interne."

Schäffe Jean Tonnar (LSAP): "Jo, Merci, Madame Buergermeeschter. Dat hei ass just eng Formalitéit. Dir wësst, dass mer d'provisoresch Schoulorganisatioun schonn zwee mol gestëmmt hunn. De Scolaria ass elo déi definitiv Versioun wéi se eis virläit op den 10. Oktober vun deser Woch an Dir fannt do all Nimm an all Zuele vun all Kanner déi zu Esch sinn a vun all Enseignant, Titulairé wéi aner Intervenanten. An déi muss mer ofstëmmen dass déi valabel ass. Datselwecht ass fir den Travail organique. Dat ass de Règlement interne wéi et an de Schoule fonctionnéiert. Wann een eng Fro huet, äntweren ech ganz gär, mä soss kënnen mer déi zwee mateneen ofstëmmen oder separat. Mateneen?"
Jo, Madame Hildgen."

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): "Jo, mir hunn eng Wuertmeldung, d'Madame Hildgen."

Annette Hildgen (CSV): "Merci, Madame Buergermeeschter. Ech hunn

eng Fro un de Schoulschäffen. Firwat stëmme mir dat hei esou spët? D'Schoul ass jo elo awer scho relativ laang amgang. Déi éischt Vakanz steet virun der Dier. War dat e Grond oder hate mer Problemer? Ech géif gär dorop eng Äntwert kréien."

Schäffe Jean Tonnar (LSAP): "Well keng Gemengerotssëtzung virdu war. An déi provisoresch ass valabel sou laang déi definitiv net gestëmmt ass."

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): "Au vote."

Conseillers présents:

M. Marc Baum – Mme Jeanne Becker – M. Félix Braz – M. Daniel Codello – Mme Annette Hildgen – M. Henri Hinterscheid – M. Jean Huss – M. Aly Jaerling – M. Pierre-Marc Knaff – M. Frunes Maroldt – Mme Lydia Mutsch – M. Roger Roller – M. Jean Tonnar – M. Paul Weidig – M. Everard Wohlfarth – M. André Zwally

Le Conseil Communal approuve par 15 voix oui et 1 voix non l'organisation de l'enseignement fondamental pour l'année scolaire 2011-2012.

Ont voté oui Madame le bourgmestre Mutsch, les échevins Braz, Hinterscheid et Tonnar ainsi que les conseillers Becker, Codello, Hildgen, Huss, Jaerling, Knaff, Maroldt, Roller, Weidig, Wohlfarth et Zwally. Le conseiller Baum a voté non.

5. Construction d'une Auberge de Jeunesse:

a) information

b) compromis d'échange; décision

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): "Sou, mir kéimen dann zum Punkt 5, dat ass och e ganz erfreeleche Punkt. Mir hate jo schonn eng technesch Sëtzung vum Gemengerot wou mer deen Dossier presentéiert haten. Hei si mer dann elo esou wäit. Eis Jugendherberg op der Escher Gare gëtt Realitéit. Dir kënnt lech erënnere, well mer dës Informatiounen dem Gemengerot scho ginn haten, dass mer 2008 e Groupe de travail agesat haten dee Propositione fir de Schäfferot ausgeschafft hat wou mer am beschte Fall kéinten hei zu Esch eng Jugendherberg opriichten. Mir hate fir d'éischt eng classesch Approche oder besser gesot en Aarbechtsgrupp fir eng Proposition ze maachen an oder no

5. Construction d'une Auberge de Jeunesse

beim Bësch. Et war ënner anerem déi direkt Noperschaft vun der Waldschoul oder d'Terres Rouges envisagéiert ginn. Allerdéngs ass do ganz schnell d'Idee gebuer gi vun enger Jugendherberg am Zentrum vun Esch, do wou en Echangeur de mobilité ass, do wou eng grouss Plus-value wier fir den Urbanismus an och fir den Accès zu allen interessanten urbanen Installatioune vun Esch. An do ass d'Idee gebuer gi fir déi Jugendherberg ze instaléieren tëschent dem Verwaltungsgebai vun CFL an der neier Passerelle.

Mir hunn lech och alleguer, ech hoffen dass och d'Press dat virleien huet, e Modellbild gemaach vun der aktueller Optik op deem Site an der zukünfteger Optik wann déi Jugendherberg realiséiert ass. Et gëtt also eng ganz modern urban Jugendherberg wéi et se a ganz ville Grousstied op dëser Welt gëtt. Mir gesinn dës Jugendherberg an enker Zesummenaarbecht mat der Jugendherbergentral déi och gäer d'Exploitation vun der Jugendherberg maachen. Mir gesi se an enker Zesummenaarbecht mat eise Veräiner déi Demandeur si wa mer Evenementer hei zu Esch hunn. Ech wëll als Beispill nëmmen de Mini-Europe nennen oder eng ganz Rëtsch vun touristeschen Evenementer déi schonn do sinn oder nach kommen. Ech wëll och un eise Kulturlaf denken oder un eise Kulturfestival, och un d'Rockhal déi sech natierlech iwwert eng Jugendherberg zu Esch freet, awer och un d'Universitéit, déi sech och scho gemellt huet a gesot huet, dass wa weder d'Jugendherberg selwer nach d'Gemeng e Besoin hunn, dass si dann och Demandeur si fir beispillsweis jonke Fuerscher eng Méiglechkeet ze ginn ënnerzkommen. Virun allem an där Zäit wou keng extra Saison ass, wéi an de Summerméint beispillsweis, wou jo ëmmer méi Zoulaf ass. Esou dass mir och wäerten eng Demande maache fir net nëmmen am Pluriannuel ze si vun den Infrastructures touristiques, well do si mer schonn dran, mä fir och d'regional an d'international Envergue unerkannt ze kréie vun där Jugendherberg, well da kënne mer nämlech eng finanziell Participatioun vum Stat vu 70% kréien. Am anere Fall wieren et just 50%. Ech mengen, dass et ausser Fro ass, dass mir déi zouerkannt kréien an deementsprechend geet och en Dossier eraus un déi zwee Ministère vum deene mer schonn den Aval fir dës Jugendherberg kritt hunn. An zwar ass dat de Ministère du Tourisme an de Ministère de la Famille, déi eng gedeelten Tutelle hu fir d'Jugendhergen hei am Land.

Wat elo d'Negociatioune ronderëm den Terrain ubelaangt, géing ech d'Wuert un

eise Bauteschäfte ginn, deen och dozou nach eng Rei Explikatioune gëtt."

Schäffen Henri Hinterscheid (LSAP):

"Merci, Madame Buergermeeschter. D'Negociatioune si laang hin an hir gaangen, notamment ënnert wat fir enger Form dass d'Gemeng kéint Propriétaire oder Notznéisser vun deem Terrain ginn. Direkt niewent der Passerelle ware verschidde Méiglechkeeten an d'Ae gezu ginn, Amphithéose, Droit de superficie an aneres. Mä et war absolut wichtig, dass d'Gemeng fir kënne an de Genoss vun de Subventiounen ze kommen, vun de staatleche Subventiounen ze kommen, huet missten e laangfristeg Nutzungsrecht vum Terrain hunn. A fir dass de Stat eppes subventionéiert, muss ee wéinstens 20 Joer d'Nutzungsrecht hunn. Dat ass an de Regelen, dass et kann normal ofgeschriwwen ginn. A wéi mer hin an hir gekuckt hunn, ass op eng Kéier d'Idee awer och komm fir eventuell en Echange de terrain ze maachen, well d'CFL och nach e gewëssene Besoin huet vun Investitiounen. Net onbedéngt kuerzfristeg, mä mëttelfristeg. An deen Terrain deen direkt disponibel war, war deen hannert der Justice de paix, deen ass och mat engem PAP kloer reglementéiert. Do konnt een der CFL soen, Dir kënt dat an dat drop bauen. An den Dimensionne sinn déi zwee Terrain Pi mol Doum d'selwecht. Ech mengen et sinn 9 m² Differenz, wat d'Valeur ugeet a wat d'Expositioun ugeet, kënt een och dovun ausgoen, dass déi zwee Terraine wat hir Valeur als solch ugeet vun der Lag hir och equivalent sinn. En Terrain esou direkt niewent enger Gare, direkt an der Entrée vum Stadzentrum, nieft dem Echangeur de mobilité, deen huet eng enorm Valeur an deen Terrain hannert der Justice de paix deen huet eigentlech vu senger Lag eng ähnlech Valeur. Do si mer eis eens ginn déi Terraine sans soult ze echangeieren.

Firwat hu mer dat elo nach misste maachen a firwat och elo nach deen Akt, dee Compromis ratifizéieren ze loosse vum Gemengerot? Eh ben, d'Buergermeeschtesch huet et gesot, et muss en Dossier an d'Regierung goe fir dass mer kënne an de Genoss vun deene 70%tege Subventiounen kommen a mer müssen idealerweis d'nächst Joer ufänke mat bauen, dass et kann an de Plan pluriannuel vum Tourismus erakommen a wou d'Sue fir déi Jugendherberg do sinn. Déi sinn do, duerfir ass eng gewëssen Urgence do. Haut wär et eigentlech nëmme fir administrativ dee Compromis ze approuvéieren, dass den Akt kann definitiv gemaach ginn, mä dass mer op Grond

vun dësem Compromis kënne den Dossier fäerdeg maache fir e bei de Stat eran ze gi fir déi Subventiounen ze kréien an eis selwer och kënne domat ze befaasse fir den Devis definitiv opzestelle wou natierlech de Gemengerot deen Devis och nach eng Kéier muss stëmmen. Mä déi Zäit wou elo verfléisst an den nächste Méint, kann awer sénnvoll genotzt ginn. Dat war d'Iwwerleeung fir dat hei einfach en administrativen Akt ass, fir dat awer haut nach ze presentéieren.

Ech mengen d'grouss politesch Diskusioun huet schonn zum Deel stattfonnt, virdrun an der technescher Sitzung a féinnt sécher mam Vote vum Devis statt."

Buergermeeschter Lydia Mutsch

(LSAP): "Merci, Här Hinterscheid. Den Här Jaerling an d'Madame Hildgen."

Pierre-Marc Knaff (DP): "An ech?"

Buergermeeschter Lydia Mutsch

(LSAP): "Entschëllegt, mä Dir sëtzt an der Sonn."

Pierre-Marc Knaff (DP): "Dir hutt mech dach als éischte gesinn."

Buergermeeschter Lydia Mutsch

(LSAP): "Ech hat geduecht et wier d'Hand vum Här Jaerling, entschëllegt."

Pierre-Marc Knaff (DP): "Oh neel!"

Buergermeeschter Lydia Mutsch

(LSAP): "Ween ass dann elo den éischt gemellten? Gitt lech eens!"

Aly Jaerling (Indépendant): "Ech fänken un."

Buergermeeschter Lydia Mutsch

(LSAP): "Den Här Jaerling."

Aly Jaerling (Indépendant): "Nee, ech verstinn och wann een deen een oder deen aneren net esou gär gesäit. Ech mengen dat ass fir mech, ech hunn dat och heiansdo."

Buergermeeschter Lydia Mutsch

(LSAP): "Här Jaerling, Dir hutt d'Wuert."

Aly Jaerling (Indépendant): "Merci, Madame Buergermeeschter, ech si frou dass ech nach eng Kéier d'Wuert kann zu deem Projet kréien. Ech mengen, et ass e Projet ech mengen deen och fir Esch zukunftsweisend ass, dee weist awer effektiv dass an d'Jugend..."

(Handy schellt)

- Entschëllegt. Déchets municipaux de la Ville d'Esch, bonjour."

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): "Solle mer en anere Riedner virzéien?"

Aly Jaerling (Indépendant): "Nee, Merci, entschëllegt.

Ech mengen dass Esch och an d'Jugend investéiert ech mengen ass kloer, dee Wee dee kann een nëmme matdroen. Eng Jugendherberg déi och nach zentral läit, wou aner vläicht gemengt hu se misst iergendwéi méi an der Natur leien oder hei, gesäit een awer hei, dass...

(Handy schellt)

- Oh, dat do gëtt et dach net! Ech hunn een aus gemeet. Entschëllegt.

Dass een awer gesäit, dass dat do déi richteg Plaz ass wou déi Jugendherberg soll hikommen a wou een och weess, dass do Bus- an Zuchverbindunge sinn, esou dass et jiddwerengem méiglech ass awer e liichten Accès op déi Plaz ze kréien.

Firwat dass ech mech freeë fir d'Wuert ze kréien, dat ass well ech während der Wahlcampagne eppes héieren hu wat mech schockéiert huet vun enger gewässer Partei an ech mengen ech nennen den ADR jo ni méi mam Numm, mä wou deenen hire Spriecher awer direkt déi Jugendherberg mat Drogekonsum, mat Drogenhandel a mat Deal a Verbindung bréngt, ech mengen dat ass eppes wat wierklech verwerflech ass a wat een och, dat ass eng Frechheet vis-à-vis vun eiser Jugend a wou ee muss dofir suergen, dass dat awer an Zukunft ophéiert. Ech mengen eis Jugend ass net ëmmer gläich ze stelle mat Drogekonsum oder mat soss Lasteren. Ech menge mir hunn eng Jugend déi propper ass, mir hunn net méi Jugendlecher déi op deem Wee ofrutsche wéi anerer an et soll een och kloer soen, dass dat keng Aart a Weis ass fir iwwer eis Jugend hierzefalen an et ass och keng Aart a Weis fir ze versichen de Bau vun enger Jugendherberg ze verhënneren. Ech wollt dat awer nach kloer gesot hunn.

Wat elo den Emplacement ugeet, hunn ech gesot, ok, dat ass an der Rei, mä wat mech e bësse stéiert, ass dass do dann awer och elo nach e Café niewendru kënnt. E Café niewendru kënnt wou ech der Meenung sinn, dass dat awer eng ganz uerg Konkurrenz gëtt fir de Buffet de la Gare dee jo awer scho säit éiweg do ass. An op dat elo net e bësse geschäftsschiedend ass wann do elo nach eppes ganz Neies opgebaut gëtt, wou ee weess, dass dann awer d'Leit dohinner zéien a wou dann awer eng direkt Konkurrenz ass fir de Buffet de la Gare, wat ech net esou glécklech fannen. A wou ech mech froe wat fir eng Aart Restauratioun dass

do ugebuede gëtt, wéi wäit dass dat geet? Oder ass dat nëmme speziell op d'Jugend fokaliséiert? Net dass dat awer eng Konkurrenz gëtt fir de Buffet de la Gare. Dat wär net gutt. Da géif do iergendwéi awer e Commerce verschwannen, dee jo awer säit Jorzéngte géif ech menge seng Berechtigung huet.

Bon, dat gesot, hoffen ech dass dat wat Dir virhutt, dass déi 70%, wa mer dat elo haut stëmmen, och vum Stat kommen. Ech mengen och dat wär eng wichtig Approche an dass et dofir och wichtig ass fir dat elo direkt unzegoen, fannen ech komplett an der Rei. Ech hoffen, dass dat och mat 70% dann dee Moment vum Stat ënnerstëtzt gëtt an dass dat esou séier wéi méiglech dohinner stoe kënnt, fir dass mer och deene Jugendlechen déi aus allen Deeler vum Land, net nëmme vum Land, mä aus allen Deeler vun Europa, vun der Welt kënnen op Esch kommen, an dass dat verbonne mat och méi Investitioun an den Tourismus an Esch.

Well ech wollt dat och nach soen: Esch misst och méi an den Tourismus investéiere wéi dat elo de Fall ass. Mir hunn eng Rei touristesch Attraktiounen, och do missten Efforte gemaach ginn, dass mer eisen Tourismus fördern, dass mer kucken, dass mer déi schéi Plazen déi mer ronderëm hunn, och méi attraktiv gestalten an och méi publizisteschem ubidden. Ech géif mengen dann hätte mer gemeinsam mat där Jugendherberg awer eppes geschafft wat wierklech Esch méi attraktiv mécht an ech sinn och iwwerzeegt, dass déi nei Majoritéit am Gemengerot, déi jo awer schéngt och nach e bësse Gréng ze bleiwen, dass déi dann awer op de richtige Wee wäert an deem Sënn goen. Dofir wënschen ech lech fir déi Projete vill Erfolleg an ech hoffen, dass et dat gëtt wat Dir lech erwünscht hutt."

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): "Merci, Här Jaerling. Dann d'Madame Hildgen, den Här Knaff oder ëmgedreint an dann déi Häre Baum a Codello."

Annette Hildgen (CSV): "Merci, Madame Buergermeeschter. Wéi Dir wësst hate mir dann de Bau vun enger Jugendherberg ëmmer op eisem Wahlprogramm, wéi Dir och, a mir si ganz fro, datt et endlech zur Realisatioun kënnt. Mä ech schwätzen elo a mengem perséinlech Numm, net am Numm vu menger Partei, fir ze soen, datt ech absolut fir de Bau si vun enger Jugendherberg. Ech fannen dat eng ganz gutt Saach. Ech sinn och fro, datt et elo realiséiert gëtt. Ech widerhuele mech. Mä ech si géint

de Site. Aus pädagogeschen an aus psychologesche Grënn fannen ech et net gutt, wann een op eng Gare – egal wou déi Gare ass, iwwerall – et zentral mécht wou d'Jugendlecher zesumme kommen. Par Definitioun ass eng Gare de Point chaud, ee vun de Points chauds vun enger Stad a wann ech meng Kanner gesinn hätten, déi vill a Jugendherberge waren...

Ech sinn net gär ënnerbrach, Här Codello, ech ënnerbriechen lech och net!"

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): "Loosst wann ech gelift der Madame Hildgen d'Wuert, Här Codello."

Annette Hildgen (CSV): "... wier ech net frou gewiescht wa meng Kanner an enger Jugendherberg op enger Gare gewiescht wieren. Duerfir géif ech mech hei bei deem Vote enthalen. Merci."

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): "Merci, Madame Hildgen. Et ass dann um Här Knaff an duerno wéi gesot un den Häre Baum, Codello an Huss."

Pierre-Marc Knaff (DP): "Jo, Madame Buergermeeschter, also datt mer eng Jugendherberg sollen op Esch kréien, ech mengen dat war de Wunsch vu ville Parteien hei. Wéi dat awer elo zustane komm ass, datt mer dat elo esou séier mussen deelweis 2 Woche virun der Électioun vun dem neie Gemengerot an direkt elo an dëser Sitzung mussen hei no vir dreiwen, dat mécht mer Gedanken. Ech froe mech firwat datt mer dat elo mussen esou séier maachen an esou iwwert de Knéi briechen? Ech hunn och do eng Rei Froen nach par rapport zu deem Projet.

Ass iergendwann eng Kéier eng Etude gemaach ginn, wéi vill Besoin oder wat mer u Besoinen hunn hei zu Esch fir déi Jugendherberg? An anere Wieder, ass iergendwéi eng Kéier gekuckt ginn ze wësse wéi vill Leit datt interesséiert si bei eis ze komme wa mer esou eng Struktur hätten? Datt mer kéinten en Fonctioun vun deem Resultat dann decidéiere wéi vill Zëmmeren da géife plangen.

Wéi ass et iwwerhaupt mat der Unzuel vun den Zëmmeren? Do ass an där Dokumentatioun déi ech kritt hunn, ass net richteg eppes erauszefannen, wat Dir do wëlles hutt. Mir hu keng Indikatioun iwwert de Präis vun deem Projet. Et gëtt keng Descriptioun vum Coût wat dee Projet soll kaschten.

Da muss ech lech soen, dass ech aus anere Grënn dee Site net ideal fannen. Ech fannen, besonnesch vu datt mer jo elo an enger Gemeng si wou eng Gréng Participatioun, eng Participatioun vun der

Grénger Partei mat am Schäfferot ass, hätte vläicht kënnen do probéieren eng Virreiderroll ze spille mat vläicht eppes e bësse méi Ekologesches. Et hätt een dat vläicht kënnen op de Galgebiereg maachen, iergendwéi eng Auberge écologique déi sech géif selwer mat Sonnenenergie oder esou, selwer a Punkto Energie géif finanzéieren. Et hätt een dat kënnen am Kader vum Camping maachen do uewen. Et hätt een och kënnen ënnert d'Gestioun dovunner ginn iergendwéi, do hätte mer Plaz gehat. Do hätt een et och kënnen maachen. Mir hate jo ëmmer esou eng kleng Jugendherberg scho mol um Bierg. Ech mengen dat wier effektiv besser gewiescht wéi elo do et matzen an den Zentrum ze setzen.

Dann dee Projet d'échange hunn ech och net verstanen. Ech hunn net verstane firwat datt mer deen Echange hu misste maachen? Vu datt mer do dann net wäit vun der Gare ewech och en Terrain hätten, wou hätt kënnen dann déi Jugendherberg och gemaach ginn, nämlech vis-à-vis vun där neier Residence Marco Polo. Ech wollt och nach froen, wësse mer wat d'CFL wëlles huet elo op deem Terrain deen Dir echangéiert hutt? Wëlle se do eng Residence bauen? Da kann ech mer virstellen, datt dat vläicht déi Leit déi an der Marco Polo elo kaaft hunn, net grad ganz glécklech mécht, wa se elo do en dräistäckegt Gebai virun d'Nues gesat kréien, well dat wäert jo dann awer de Fall sinn. Ech weess och net ob dat gutt ass fir d'Visibilitéit vun deem neie Centre commercial wann elo do vun der Säit vun der Lëtzebuerger Strooss aus do d'Vue verspaart gëtt doropper. Ech ass scho ganz schwierig fir déi Leit déi wollten an dee Centre commercial investéieren fir eng Visibilitéit ze kréien, well och weider do net vill gemaach gëtt fir d'Leit drop hinzeweisen, datt et do eppes gëtt. Ech géif nawell gär wëssen ob d'CFL do schonn eppes geplangt huet a wa Jo, wat? Sinn déi Leit vum Marco Polo, waren déi informéiert datt do géif eppes hikomme wéi do dee Projet gebaut ginn ass?

An, an, an. Et sinn eng ganz Rei Froen déi mat Ärer Jugendherberg hei zesummen hänke wou ech keng Äntwerten drop kritt hunn an dofir wäert ech en l'état actuel a sauf datt Dir mer elo géift déi richteg Äntwerte ginn, dee Projet och net stëmmen. Merci."

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): "Merci, Här Knaff. Et wier dann um Här Baum an duerno um Här Codello."

Marc Baum (DÉI LÉNK): "Jo, Merci, Madame Buergermeeschter. Och dem

Bauteschäfte Merci fir déi Explikatiounen. Ech mengen vläicht am Géigesaz zu eenzelne vu mengen Virriedner, datt dat hei e ganz flotten a wichtige Projet ass. Ech mengen, datt wa gesot gëtt: eng Gare ass e Point chaud – woubäi een nach soe muss, ça reste à vérifier ... an da misst ee mol wierklech d'Zuele kucke wat am Comité local de sécurité da gesot gëtt – mä ech mengen, datt et egal wéi eng Valorisierung vun deem Deel vun deem Quartier ass. Et ass eng Opwärtung. An ech mengen, datt wann ee sech d'Fro stellt, wéi een eventuell mat Point chauden ëmgoe ka fir se dann ofzekillen, esou ze soen. Ma ech mengen, datt dat do ee Moyen ass, fir wierklech an engem urbane Kontext eng Jugendherberg ze bauen, déi och eng sozial Fonctioun wäert a sollt hunn, wa Jugendlecher, wa Liewen op der Gare ass a Jugendlecher do An an Aus ginn.

Ech sinn awer och net ganz der Argumentatioun vum Här Knaff ofgeneigt wat déi oppe Froen ueget. Effektiv mir hunn hei schéi Croquis leie vun der Jugendherberg, mä ech géif mer och méi Informatiounen wënschen. Iwwer: Wéi vill Wunnunitéite kommen dohinner? Wat ass den definitive Käschtepunkt? An dat musst Dir jo och mat areeche. Dat heescht do wier ech och frou wa mer als Gemengerot do méi Informatiounen kriteen."

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): "Merci, Här Baum. Den Här Codello an duerno nach déi Hären Huss a Maroldt."

Daniel Codello (LSAP): "Merci, Madame Buergermeeschter fir Är Ausféierungen, och déi vum Bauteschäfte. Et ass wéi gesot dëst eng Jugendherberg op Esch ze kréien an och fir d'Regioun Süden ass dat heiten e ganz wichtegt Zeeche wat mer haut setzen. Et ass och de Konsens gewiescht, mengen ech, bei deene meeschte Fraktiounen, dass Esch eng Jugendherberg brauch. An dunn ass awer och schonn zënter länger Zäit hei am Haus intern, an engem Groupe de travail, sech Gedanke gemaach gi wou och am Virfeld Ideeë ware vläicht se awer op déi aner Säit, also Richtung Galgebiereg ze setzen, mä finalement ass dee Groupe de travail awer zur Konklusioun komm, dass et mat enger urbaner Jugendherberg matzen an Esch méi gedéngt wär den Objektiv an den Ziler déi dat mat sech bréngt an et war och, dat muss ech soen, et si vill Froen hei opgeworf gi vun de Conseillere vun de Säite vun der Opposition. Ech wëll awer drun erënneren, datt de Schäfferot eng technesch Gemengerotssitzung zu deem Sujet, à huis clos,

organiséiert hat an do ass vill presentéiert ginn an do hätt een och scho kéinten déi dote Froen alleguerte stellen. Mä et war awer feststellen, dass deen een oder anere vun der Opposition leider net konnt an deem Conseil technique do Deel huelen, esou dass dat dann, ... (Tëscheriff)

- Esou dass dat dann natierlech verständlech ass, datt se haut a Séance publique déi Froe stellen. Mä mir géingen awer bieten, wann awer de Schäfferot schonn op de Wee geet fir Conseils techniques anzeruffen, dass dann och d'Conseillere sollen un deene Sitzungen Deel huelen, well da kéinte se scho vill Äntwerten op hir méiglech Froe kréien. Da maacht dat an Zukunft besser wann de Schäfferot op de Wee geet vu Conseils techniques a kommt heihinner a stellt Är Froen.

Madame Buergermeeschter, eng Universitätsstad brauch och eng Jugendherberg. Dat ass gewosst an Dir hutt och schonn op déi divers Objektiv sidd Dir agaangen déi déi Jugendherberg ka spillen. Net nëmme fir d'Stad Esch, mä och fir déi kulturell Institutiounen déi mer hei hunn, Rockhal, Conservatoire, Theater, all déi kënnen vun där doter Institution profitéieren. An et ass och e ganz wichtegt Sujet wann ee vu Studentwécklung schwätzt. Et kann een net an der leschter Wahlcampagne ëmmer gesot hunn, eis Prioritéit ass dat gewuessend Esch mat Belval ubannen an dann awer op eemol soe firwat soll eng Jugendherberg an den Zentrum a vun deem gewuessen Esch kommen? Dëst hei ass och en däitlech a wichtegt Zeeche fir de Stadzentrum méi u Belval unzebannen an dat doudsécher doduerch och well se grad bei der Gare kënn. An et léist awer déif blécke wann d'Studentwécklungspolitik vun der CSV hei definéiert, dass eng Gare e Quartier chaud ass, par définition. Dat ass awer eng an d'Gladder fir all déi déi all Dag den Zuch huelen, well net all déi Mënschen déi den Zuch all Dag huelen, sinn drogenofhängeg oder si Krimineller, ..."

Annette Hildgen (CSV): "Dat hunn ech net gesot."

Daniel Codello (LSAP): "Jo, jo, jo, mä Dir hutt par définition gesot, dass eng Gare e Quartier chaud ass, dat léist awer, wat den Développement urbain vun Ärer Partei ueget, déif blécken, well déiselwecht Spriecherin huet hei schonn heibanne gesot wéi d'Passerelle gestëmmt ginn ass, mir hätten dann an Zukunft mat ville Suiciden ze rechnen. Dëst war och net de Fall, Madame Hildgen, dofir gitt mol eng Kéier méi oft op eis Gare kucken,

dat ass de loin e Point chaud, de loin e Point chaud a par définition, doudsécher net.

Madame Buergermeeschter, vun eiser Säit den Accord fir dëse Compromis."

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): "Merci, Här Codello. Dann ass et um Här Huss."

Jean Huss (DÉI GRÉNG): "Jo, just ganz kuerz zwou dräi Bemierkungen. Natierlech ënnerstëtze mer dee Projet hei. Vlächcht zu där Ausso datt eng Jugendherberg automatesch misst am Bësch sinn, an engem gréngen Ëmfeld mat Bëscher a mat Hecken an esou virun. Dozou ass nëmmen ze soen, datt Leit déi mat mengen a mengen Aen zwou Saache verwiesselen. Gréng oder Ecologie, huet net nëmmen domatter ze dinn, datt Bëscher, datt Beem ronderëm sti wou e Gebai gebaut gëtt, mä Gréng huet vill méi global gesinn domatter ze dinn, zum Beispill mat der Ubannung un den öffentliche Transport, deen hei op dëser Plaz mam Zuch a mat de Bussen total assuréiert ass an och herno mat de Vëloer wäert assuréiert sinn, an ech mengen dat ass e Critère dee fir eis vu ganz grousser Bedeutung ass.

Eng zweet Saach ass déi wou et dann awer gutt wier, wann elo hei nach vlächcht zousätzlech Renseignementer vum Schäferot géife kommen, nämlech net par rapport zum eigentleche Gebai selwer, do ass jo Villes scho gesot ginn, mä par rapport zu deem effektiv wat d'CFL wëllt maachen. Well do ass jo e bestehend Gebai vun der CFL an et ass zum Beispill, fir nëmmen eng Klengegkeet ze soen, fir mech ass et ganz wichteg, datt endlech och et vun der Ästhetik hir zu enger besserer Kombinatioun ka kommen – dat gëllt iwwregens net nëmme fir dat heite Beispill – vun deem wéi déi Gebaier ausgesinn, vun de Faarwe beispillsweis, vun de Fassaden an all déi ganz Geschichten. Dat schéngt mer och en Aspekt ze si wou mer sollte mat der CFL kucken. Éischtens wat wëlle si genau do maachen an zweetens wéi soll dat herno ausgesi vun hirem Gebai. Ech mengen dat ass dat wat wichteg ass. Well dat heiten dat gesäit elo ganz flott hei um Bild hei aus. Dat gesäit flott aus, mä ech mengen et muss eng Ästhetik do sinn déi d'Passerelle, d'Gebai selwer an d'Eisebunn an déi Gebaier déi vis-à-vis sinn, eng kleng Idee an Harmonie bréngt. Ech mengen dat ass e Punkt deen och wichteg ass do derbäi, mä vun eis aus gesinn, vun de Gréngen ausgesinn ass et ganz kloer, datt et keng Obligatioun besteet, datt eng Jugendherberg automatesch zwee dräi Kilometer muss

am Bësch iergendwou stoen. Well déi Jugendlecher, Här Knaff, déi wëllen op de Galgebierg goen, déi brauchen nëmmen iwwert d'Passerelle ze goen. Dat ass fir déi Leit ganz einfach, da si se direkt handendrun am Gréngen, esou wéi vill aner Escher Leit a Kanner déi profitéieren fir an d'Gréngs ze goen op de Galgebierg."

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): "Merci, Här Huss. Den Här Maroldt huet dann d'Wuert."

Frunnes Maroldt (CSV): "Merci, Madame Buergermeeschter. Also ech géif elo mat enger klenger rhetorescher Fro ufänken. Wéini waart Dir fir d'lescht an enger Jugendherberg? An dat ass eppes, eng Fro déi ech adresséieren un all Mënsch heibannen."

Schäffen Henri Hinterscheid (LSAP): "Virun 10 Wochen, Här Maroldt."

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): "An ech virun 3."

Frunnes Maroldt (CSV): "Nee, et ass eng rhetoresch Fro, et ass keng perséinlech Fro. Ech mengen do ass e klengen Ënnerscheid. Nee, wat ech domatter wëll soen, dass och d'Jugendherberg, hei si villaicht Leit déi eng falsch Virstellung hu wat eng Jugendherberg ass. Ech mengen dat se dovun aus gin wéi dat vlächcht fréier war mat enger „Duty“, dass de hues missten d'Kierbiischt huelen, ech mengen dat ass e Konzept deen total iwwerlieft ass a wat eriwuer ass. An ech géif och soen, et ass wichteg, dass ee soll kucken wat d'Besoinen hautdesdaags sinn a wéi eng Jugendherberg haut soll ausgesinn? Dass se deene modernen Ufuerderungen entsprécht, well soss kréie mer se net gefëllt. Dat schéngt fir mech ganz evident ze sinn.

Wa mer e bëssen den Historique vun de Jugendherbergen hei am Land kucken. Ech mengen Dir wësst allegueren, do ware flott Jugendherbergen a manner flotter. An do sinn eng Rei verschwonnen, aner si bäi komm. A wann ee kuckt, zu lechnach oder esou, déi relativ rezent modern Jugendherbergen hunn, déi fonctionnéieren och tiptop. An ech géif mer dat och hei erwaarden, well op engem anere Plang hu mer jo regelméisseg Fuerderungen, wann een elo vu Schoule schwätzt zum Beispill, all Duerf oder all kleng Gemeng hätt geschwë gare sai Lycée, wéi gesot, dat ass vlächcht e fromme Wunsch, mä anerwäerts ass et wichteg, dass awer déi Infrastrukturen awer och fonctionnéieren, dass se sech och rentabiliséieren. Well wa se natierlech

herno net gefëllt sinn, dann ass et eng Belaaschtung fir e Budget vun enger Gemeng. An dofir mengen ech, hei Esch als zweetgréisste Gemeng vum Land an och doduercher dass mer och eng Uni hunn, déi amgaangen ass ze wuessen, ass de Besoin och do fir wéinstens en Accueil ze maachen.

Ech wëll och elo warnen dovunner fir eng Zweckentfremdung vun där Jugendherberg ze maachen, dass do op eemol sech Studente géifen accrustéieren an dofir sollte mer éischter eng Iwwergangsléiung, dat heescht en Accueil sichen, dass déi normal Jugendherberg Visiteuren géife verdrängt ginn oder dass keng Plaz fir si do wär. Mä wéi gesot, ech fannen et e wichtige Projet fir eis Escher Gemeng an dass dat dat Eenzegt ass wat ech zur Diskussioun wollt bäidroen, 2009 hu mer de Projet jo schonn eng Kéier hei gehat, mir hunn do 10,9 Milliounen provisoeresch votéiert. Dir wësst jo d'Präisser déi lafe mat der Zäit eis fort, elo sinn erëm 2 Joer vergang, ech mengen, bon, dat muss natierlech deenen neie Standarden ugepasst ginn, de neie Präisser ugepasst ginn. Dofir erwaarde mer och, dass mer da wéi gesot de Projet définitif herno hei am Gemengerot nach eng Kéier gesinn. Bei där éischter Presentatioun hat ech nach eng Kéier drop higewisen, déi Proximitéit mat der Eisebunn, dass do muss Suerge gedroe ginn, dass d'Gebei effektiv och schallisoliert ass, net nëmme schallmä awer och vibratiounsoliert, mä ech sinn net Architekt. Et ass just eng Recommandatioun déi ech mat op de Wee wollt ginn an ech géif awer soe mir stëmmen de Projet mat, well mer als solche fanne mer dass dee Projet eng wichteg Saach ass fir d'Entwécklung vun eiser Stad."

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): "Merci, Här Maroldt an och alle Virriedner. Ech wëll, iert den Här Hinterscheid am Detail doropper äntwert, lech just berouegen, all déi déi nach zousätzlech Informatiounen wëllen, mir mussen jo nach e puer mol mat deem heite Projet erëmmen.

Haut ass et jo eigentlech just eng Tëschinformatioun an den Echange de terrain déi um Ordre du jour stinn. D'techesch Reunion war haaptsächlech dofir do fir d'Informatiounen ze ginn iwwert d'Viraarbecht vum Groupe de travail an déi verschide Léisungen déi gepréift gi sinn an och d'Erklärung firwat mer op de Wee vun enger urbaner Jugendherberg ginn. Dat heescht, all déi déi nach op Informatiounen waarden, dat ass nach net au complet haut an et ass och net dofir geduecht fir haut schonn déi Informatiounen all kënnen ze ginn. Do komme

mer en bonne et due forme nach eng Kéier erëm.

Mä den Här Hinterscheid äntwert nach op eng Rei vu Froen déi gestallt gi waren."

Schäffen Henri Hinterscheid (LSAP):

"Merci. Et sinn hei e ganze Koup Reserven, Froe gestallt ginn. Ech mengen dat éischt mol fir nach eng Kéier ze rappelëiere wat de Raumprogramm a wat de Prinzip ugeet, ass dat an étroit Kollaboratioun mat der Centrale des auberges de jeunesse geschitt. Dat heescht, do sinn d'Besoine mat hinnen definéiert ginn a si hunn aus deenen Erfahrungen déi se aus där zweeter urbaner Jugendherberg hei am Land hunn, an dat ass déi an der Stad am Pafendall, hu se dat mat eraflëisse gelooss a si waren eigentlech als Centrale des auberges de jeunesse Demandeur, Demandeur fir déi do Form vu Jugendherberg, dat heescht eng urban Jugendherberg an net eng weider rural iergendwou am Gréngs, well dat sinn déi Besoien déi haut do sinn. An dat wat an der Stad ass, dat ass komplett iwwerlaascht an dat gëtt awer elo iwwert d'Bunn eng direkt Ubannung. Also vun dohier d'Besoin si mat der Centrale des auberges de jeunesse kloer ofgekläert ginn.

Här Knaff, d'Ängschte vun deene Leit déi am Marco Polo sinn, do gëtt et eigentlech keng Ängschten a keng Inconnuen. Well de Marco Polo ass en Deel vun engem PAP wou déi Bebauung vis-à-vis op deem Terrain vun deem mer elo schwätzen, schonn definéiert ass. Déi ass reglementéiert. Do gëtt et keng Inconnu. Déi Leit wëssen dass do eng Kéier gebaut gëtt. A wa se et net wëssen, dann hu se et verdrängt. Ob elo d'CFL do de Bauhär ass oder en aneren, dat ass eigentlech irrelevant, reglementaresch steet genau fest wat do ka gebaut ginn an näischt méi an näischt manner. Den Terrain, dass d'CFL, d'Lëtzebuurger Eisebunn iwwerhaapt bereet ass e Stéck Terrain wou si Propriétaire sinn, wat direkt un hire Gleise läit, opzeginn, opzegi géint en anert Stéck Terrain, dat ass historesch. Dat ass historesch. Ech weess net wéi oft dass dat scho geschitt ass. An och d'CFL, als gréissten Operateur vum ëffentlechen Transport hei am Land, gesäit dat do als eng Opportunitéit fir weider eppes ze maache fir de schinnegebundene Persounentransport. A vun dohier ass déi, den Här Huss huet et gesot, ass déi Auberge de la Jeunesse do sécher ekologesch an nohalteg duerch déi Implantatioun well do kann een dohinner kommen iwwert den ëffentlechen Transport a vun dohier gesinn, ass et sécher e Modellfall vun nohalteger Stadentwécklung.

Et ass hei geschwat ginn, wat geschitt mat der Gare, wat geschitt mat deem wat dertëscht läit. Et muss een och wëssen, dass mer dat do och an étroit Kollaboratioun mat der CFL gemaach hunn, well d'CFL wëllt och do investéieren a wëllt notament hir Gare renovéieren a wëllt dat wat tëschent der Jugendherberg an der Gare ass, mat renovéieren, dass dat Ganzt soll e flotten, soignéierten an ästheteschen Aspekt herno kréien. Mä dat eent, déi zwee Projete ginn net unenee gekoppelt, well soss wann d'CFL aus iergendenger Ursach e Joer méi spéit investéiert, wär eise Projet ausgebremst a mir wëllen deen net ausgebremst kréien, well mir wëllen an dee Plan quinquennal erakomme wou déi Suen dra stinn. Dofir och déi Suerg fir hei virun ze kommen an déi Zäit wou mer elo awer nach e bësse verléieren am Flu, dass déi Zäiten Intérieur scho kann deen Akt hei approvouieren an dass mer duerno da kënnen direkt, an do sinn d'Demande jo gestallt ginn.

Wéi vill Zëmmere sinn dran, wat kascht dat? Domat komme mer esoubal wéi den Devis elo fäerdeg ass an den Här Maroldt huet et gesot a senger Interventioun, hien huet gesot, et wär votéiert ginn. Et war nach net votéiert ginn, et war e Coût estimatif hei presentéiert gi vu ronn 10 Milliounen, eppes iwwer 10 Milliounen. Also de Moment all Schätzung gi sécher net do driwwer eraus.

Ech mengen dat ass dat wat ze soen ass an ech wëll iwwert d'Rentabilisatioun ... d'Rentabilisatioun ass doduerch ginn, dass eigentlech d'Centrale des auberges de jeunesse gesot huet, hei dat do ass de Modell. Deen do auto-rentabiliséiert sech vun selwen an ech wëll lech just soen, Här Maroldt, ech war an enger Jugendherberg déi no esou engem Modell fonctionnéiert an dat ass dee Modell deen haut an urbanen Tissue wierklech fonctionnéiert an deen huet och an étroit Kollaboratioun mat enger Universitéit fonctionnéiert. Do ass en Deel vun de Studentewunnengen ass während de Semesterferien, gëtt deen als Jugendherberg déclaréiert an da kann een do dra wunne goen.

Bon, ceci dit, géing ech mengen, dass eigentlech dat wat haut um Ordre du jour steet, d'Ratifikatioun vun deem Compromis d'échange, dass mer kënnen virukommen, dee wichtege Punkt ass.

An all déi aner Froen déi kommen nach eng Kéier an do gëtt nach eng fundamental Diskussioun gefouert wa mer den Devis hei presentéieren an dee muss jo och gestëmmt ginn, soss kënnen mer net ausschreiwen. Awer fir dass mer en Devis kënnen presentéieren, dass mer e kënnen

ausschreiwen, muss mer mol Propriétaire vum Terrain sinn an dat hoffen ech, si mer elo innerhalb vun där nächster Minutt."

Buergermeeschter Lydia Mutsch

(LSAP): "Merci fir dës Explikatiounen. Da kéime mer zur Ofstëmmung iwwert de Compromis d'échange."

Conseillers présents:

M. Marc Baum – Mme Jeanne Becker – M. Félix Braz – M. Daniel Codello – Mme Annette Hildgen – M. Henri Hinterscheid – M. Jean Huss – M. Aly Jaerling – M. Pierre-Marc Knaff – M. Frunes Maroldt – Mme Lydia Mutsch – M. Roger Roller – M. John Snel – M. Jean Tonnar – M. Paul Weidig – M. Everard Wohlfarth – M. André Zwally

Le Conseil Communal accepte par 14 voix oui et 3 abstentions le compromis d'échange entre la Ville et la Société Nationale des Chemins de Fer Luxembourgeois (SNCF) dans le cadre du projet de construction d'une Auberge de Jeunesse.

Ont voté oui Madame le bourgmestre Mutsch, les échevins Braz, Hinterscheid et Tonnar ainsi que les conseillers Baum, Becker, Codello, Huss, Jaerling, Maroldt, Snel, Weidig, Wohlfarth et Zwally. Les conseillers Hildgen, Knaff et Roller se sont abstenus.

6. Précertification en or du site Belval par la „Deutsche Gesellschaft für nachhaltiges Bauen“; information

Buergermeeschter Lydia Mutsch

(LSAP): "Sou, da kéime mer zum Punkt 6, dat ass d'Précertification en or vum Site Belval. Firwat hu mer dat matbruecht? Majo, well mer eis onheemlech gefreet hunn dodriwwer, dass esou eng renommiert Gesellschaft wéi d'Deutsche Gesellschaft für nachhaltiges Bauen, dem neie Stadquartier Belval déi doten Unerkennung a Gold zouerstanen huet. Dat ass fir d'Stad Esch a fir d'Gemeng Suessem eng enorm Unerkennung an och en enormen Encouragement fir esou weider ze fuere wéi mer et déi lescht 10 Joer gemaach hunn.

Wat heescht déi Auszeechnung? Si heescht dass no ganz definéierte Modüllen, well et ass eng ganz serieux Evaluatioun déi do geschitt ass, d'Environnementsqualitéit, d'Qualitéit vun der Wirtschaftsentwécklung, déi socio-culturelle a funktionell Qualitéit an déi tech-

nesch Qualitéit vum Site gepréift ginn an dobäi kënt och nach d'Qualitéit vum ganzen Entwécklungsprozess. Dat sinn natierlech eng ganz Rëtsch vu Qualitéitscritèren déi parallel gepréift ginn an den neie Stadquartier Belval huet dobäi e Score vun 82% kritt fir all d'Critèren.

Dat ass enorm, ëmsou méi et eigentlech iwwert d'Précertificatioun erausgeet, well am Konträr zum Ban de Gasperich, deen och eng Unerkennung kritt huet fir seng nohaltege Entwécklung, fir seng nohaltege Planung, huet de Quartier Belval et scho kritt fir dat wat elo schonn do steet. Dat heescht déi Hürd vun der Certificatioun fir d'Planung, déi ass hei scho geholl andeem och schonn déi Entwécklung kontrolléiert a validéiert a certifiéiert ginn ass déi elo an deene leschte Joere stattfonnt huet. Obwuel mer natierlech och eise Kollegen an der Stad wënschen, dass si déi Unerkennung als nohaltege Stadquartier och wäerte behale wann déi weider Entwécklung kënt. Mä mir hu kee Grond fir dorunner ze zweifelen. Wat eis awer natierlech am meeschten interesséiert, dat ass déi Unerkennung déi mer fir de Quartier Belval kréien. A virun allem ass et eis och wichteg, an ech mengen do kann ech déi Suessemer Kollegen abezéien, dass deen Asaz dee mir probéiert hunn an allen Instanzen, ënneraneem och an a mat der Agora zesummen, fir d'Ubannung un déi gewuessen Uertschaften, fir déi mat anzekloen, dass et net eng Insel ass déi do developpéiert gëtt. A wann et eng Insel wier vun der Ausrichtung hir, da wier mat Sécherheet deen do Präis dem Quartier Belval net uerkannt ginn.

Dat gesot mengen ech wier dat heiten ze huelen als dat wat et ass, eng Informatioun, en Encouragement fir weider ze fueren op déi Aart a Weis wéi de Projet elo entaméiert ginn ass. Ze kucken de Masterplang dee sech als valabelt Instrument erausgestallt huet, fir deen no allen nohaltege Critèrë kontinuéierlech unzepasse fir dass de Quartier e liewege Quartier ass fir déi Leit déi do wunnen, déi do schaffen, déi do hir Fräizäit verbréngen an déi do hir Kanner an d'Schoul schécken.

Also eis Unerkennung virun allem och fir d'Agora déi als Entwécklungsgesellschaft deen dote Prozess begleet huet."

7. Avenant à la convention avec la Kulturfabrik asbl + 50% participation à l'augmentation salariale; décision

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): "Mir géingen dann direkt wei-

derfuere mam Punkt 7, dat ass u sech en Avenant mat der Kulturfabrik, vergläichbar mat deenen Avenanten déi mer an deene vergaangene Joeren haten. Mä ech mengen den Här Tonnar wëll och eng Informatioun ginn iwwert d'Participation à l'augmentation salariale als Unerkennung vun der Stad Esch fir déi Aarbecht déi op där Plaz geleescht gëtt."

Schäfte Jean Tonnar (LSAP): "Jo, Merci, Madame Buergermeeschter. Dat éischt ass wéi d'Madame Buergermeeschter et gesot huet, dat ass schonn déi aachte Kéier wou en Avenant gestëmmt gëtt. Fir op dee Montant vu 500.000 Euro ze kommen, d'Paritéit tëschent dem Ministère de la Culture an der Escher Gemeng wou jiddwereen all Joer 500.000 Euro bezilt. Mir haten der bis elo 410.000 duerfir stëmme mer dann all Joer deen Avenant, déi 90.000 Euro. Dat ass den éischte Punkt. Esou dass ech lech géif bieden deen ze stëmmen.

Deen zweete Punkt do hate mer am Januar eng Reunioun am Ministère de la Culture. Dir hutt do e Compte rendu iwwert déi Reunioun an do ass riets gaangen, wat mer all wëssen, datt d'Salaires an der Kulturfabrik extrem niddereg sinn an dass déi Leit eng extrem gutt Aarbecht alleguerte maachen, an do ass proposéiert gi vu Säite vum Ministère fir déi nächst 3 Joer am ganzen, dat ass och nach net enorm, 109.000 Euro méi Peien am ganze fir all dat Personal ze bezuelen. Dat heescht à peu près 54.500 Euro pro Partenaire. Fir de Stat 54.500 a fir d'Gemeng 54.500 op 3 respektiv op 4 Joer ass dat opgedeelt. Esou dass eis Augmentatioun vu Salaire 9.000 Euro fir d'Joer wier an dann 18.000 Euro fir 2012, 2013 an dann nach eng Kéier 9.000 Euro fir 2014. Wann ee bedenkt wéi vill Leit do schaffen, a mer dividéieren dat duerch 12 Méint, a mer dividéieren dat duerch d'Zuel vun deenen déi do schaffen, da sinn dat nach net Monsterpeien déi duerno wäerten ausbezuelt ginn. Mä ech géif lech bieden, dass mer dat do sollen der Kulturfabrik stëmmen."

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): "Sidd Dir d'accord, dass mer déi zwou Saache gemeinsam zur Ofstëmmung bréngen? Si si jo och ganz enk matenee verbonnen. Dat ass d'Propose déi de Kulturschäfte eis hei mécht. Au vote dann, souwuel den Avenant wéi och d'Augmentation salariale an do eben eis Participatioun."

Conseillers présents:
M. Marc Baum – Mme Jeanne Becker –

M. Félix Braz – M. Daniel Codello – Mme Annette Hildgen – M. Henri Hinterscheid – M. Jean Huss – M. Aly Jaerling – M. Pierre-Marc Knaff – M. Frunes Maroldt – Mme Lydia Mutsch – M. Roger Roller – M. John Snel – Mme Vera Spautz – M. Jean Tonnar – M. Paul Weidig – M. Everard Wohlfarth – M. André Zwally

Le Conseil Communal décide à l'unanimité d'accepter l'avenant du 27 septembre 2011 à la convention du 1^{er} avril 2007 signé entre l'Etat luxembourgeois, l'association sans but lucratif «Kulturfabrik» et la Ville d'Esch-sur-Alzette et d'accorder un subside à la Kulturfabrik.

8. Transactions immobilières; décision

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): "Bei Punkt 8 fir d'Transactions immobilières geet d'Wuert un eise Bauteschäfte."

Schäfte Henri Hinterscheid (LSAP): "Merci, dat hei ass och eppes wou am Fong ganz schnell ka goen. Mir mussen e puer Parzellen aus dem Domaine public communal an den Domaine privé communal eranuelen. Dat sinn 3 Parzellen. Eng vun 2 ca, also 2 m² an dann 1 m² an nach 1 m². Firwat musse mer dat maachen? Et ass am Burgronn an do sinn d'Limite vum Terrain sinn net esou genau senger Zäit vermooss ginn an do sinn 3 Leit déi op hir Baugenehmung waarden a mer kënnen d'Baugenehmung nëmmen ausstelle wa si zu 100% Propriétaire vum Terrain sinn a mer géingen lech proposéieren dann déi Integratioun an den Domaine privé de la ville, deem zoustëmmen.

A gläichzäiteg hu mer hannendrun och schonn en éischten Acte de vente leie fir engem Bauhär en Terrain vun engem 1 ca ze cédiéieren, dass hien da ka säi Permis kréien an ufänke mat bauen. Hei ass och Service au client, dass mer dat do elo nach maachen an net d'Leit nach 6 Méint dorop waarde loossen."

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): "Au vote."

Conseillers présents:
M. Marc Baum – Mme Jeanne Becker – M. Félix Braz – M. Daniel Codello – Mme Annette Hildgen – M. Henri Hinterscheid – M. Jean Huss – M. Aly Jaerling – M. Pierre-Marc Knaff – M. Frunes

*nes Maroldt – Mme Lydia Mutsch – M. Roger Roller – M. John Snel – Mme Vera Spautz – M. Jean Tonnar – M. Paul Weidig – M. Everard Wohlfarth – M. André Zwally
Le Conseil Communal accepte à l'unanimité les transactions immobilières.*

9. Questions de personnel (création et suppression de poste, réduction et prolongation de stage); décision

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): "Mir bleiwen dann nach ee Moment beim Här Hinterscheid, dës Kéier a senger Fonctioun als Personalschäfte fir déi Personalfroen déi mer an der öffentlecher Sëtzung ze traitéieren hunn."

Schäffen Henri Hinterscheid (LSAP): "Merci. Do hu mer als éischt en Octroi u verschidde Fonctionnairen déi eis elo verlooss hunn, well se an déi wuelverdëngte Pensioun ginn, vun Titres honorifiques. Als éischt hu mer do eise Stadarchitekt a Stadplaner, de Jean Goedert, deen eis elo verléist op den 1. November 2011, well hien d'Altersgrenz erreecht huet. An ech kann lech soen, hien huet bis zum leschten hei geschafft an ënner anerem ass och dat, dass mer d'Jugendherberg elo virdru konnte stëmmen, nach sengem Asaz a senger Bëssegkeet ze verdanken, well hien huet eis do gedriwwen. Ech mengen hie wollt eis dat nach hannerloossen. Dem Här Goedert soe mer Merci fir all seng Servicer déi hien an deene ganze Joeren hei op der Escher Gemeng gemaach huet fir d'Stad Esch virun ze bréngen, e grouse Merci.

Dann eise Sekretär, de Jeannot Clement, deen eis och elo op den 1. November 2011 verléist. Mir hunn de Jeannot Clement am Huis clos démissionéiert, dat muss jo och am Huis clos geschéien, mä mir wollten awer eis et och net huele loosse fir den Octroi vum Titre honorifique fir déi ganz Joere wou hien als Secrétaire communal hei dem Schäffen an dem Gemengerot zur Säit stoung, fir dat och an der Séance publique ze maachen.

Dann hu mer och den Här Claude Arnoldy, deen am Service informatique geschafft huet, och scho ganz laang a ganz engagéiert ass, deen op den 1. März 2012 an d'Alterspensioun geet. Him wëlle mer och den Titre honorifique ginn, well hien ass ee vun de Pionéier gewiescht vun eisem Service informatique.

An dann last but not least fir déi Leit déi de Film „Schrebergaart“ kucke waren, ee vun eise Filmstare vun der ..."

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): "Eise Schäfte war ee vun de Filmstaren."

Schäffen Henri Hinterscheid (LSAP): "Jo, mä hei war nach een, ee vun de Filmstare vun deem Film, eise Garde-Champêtre, de Patrick Jung, deen aus Gesondheetsgrënn seng Pensioun och geholl huet an deem mer och natierlech den Titre honorifique vu senger Fonctioun wëllen zougestoen.

Dann hu mer am Service Enseignement d'Créatioun vun engem Redakteschposte fir déi Equipe ze verstärken, fir sech mat der neier Loi scolaire fir sech do kënnen à jour ze setzen, wou jo awer e groussen Challenge op si zoukomm ass.

Dann hu mer an de Structures socio-éducatives an de Maisons Relais 4 Posten ze créieren an der Carrière vum Auxiliaire autonome oder mam Certificat vun Aide socio-familiale.

Dann hu mer 2 Posten als Artisan Pépiniériste/Paysagiste an den Espaces Verts ze créieren. Dat ass schonn en vue vun där ganzer Aarbecht déi duerch déi nei gestaltete Brillplaz op eis Service des espaces verts zoukënn. Do wëlle mer och elo 2 Leit elo scho schoule parallel wéi dat elo beplanzt gëtt, och do a mam Här Louafi zesummen, dass se dat léiere wéi déi Hecken do musse geschnidden an ënnerhale ginn.

Mir suppriméieren deen drëtten Posten doduerch dass mer den Här Jung démissionéiert hunn, suppriméiere mer säi Poste well mer haten 2 Postes définitifs als Garde-Champêtre créiert a mer hate gesot mir géingen deen ee Posten do suppriméieren.

Mir créieren e Posten als Employé communal an der Carrière D am Conservatoire a mir proposéieren eng Prolongation de stage fir den Här Serge Martins deen den 1. definitiven Admissiounsexamen net gepackt huet.

Mir stëmmen eng Prime d'astreinte variable fir d'Madame Nicole Brandenburger, wat am Conservatoire an der Administratioun ass an och fir den Här Marc Wagner an Exekutioun vum Kollektivvertrag, dee Concierge ass an eiser Nonnewise-Schoul.

Mir proposéiere Primes de responsabilité un eis Responsabel an deene verschidde Maisons Relais a Strukturen ze stëmmen an dat ass an Exekutioun vum Kollektivvertrag SAS deen déi Primen virgesäit. Dir hutt dat alles am Detail virleien.

An da proposéiere mer den Här Claude Steffen den Upgrade vu senger Carrière ze maachen. Mir hunn dat beim Intérieur nogefrot, dat geet, an den Här Steffen huet de Master of Science in Computing for Commerce an Industry huet hien dee gepackt. An da proposéiere mer, hu mer nach hei ënner Personnel salarié hu mer doduerch datt d'Madame Kemmer 5 Stonne manner freet am Conservatoire, hu mer déi op e puer aner Leit ëmgeleegt, op den Här Braun, op den Här Peckels an op den Här Dahm. Dat sinn déi Froen déi mer ze stëmmen hunn. Wa weider keng Froe sinn, kéinte mer dat, dat do kënnen mer jo alles en bloc stëmmen."

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): "Au vote."

Conseillers présents:

*M. Marc Baum – Mme Jeanne Becker – M. Félix Braz – M. Daniel Codello – Mme Annette Hildgen – M. Henri Hinterscheid – M. Jean Huss – M. Aly Jaerling – M. Pierre-Marc Knaff – Mme Lydia Mutsch – M. Roger Roller – M. John Snel – Mme Vera Spautz – M. Jean Tonnar – M. Paul Weidig – M. Everard Wohlfarth – M. André Zwally
Le Conseil Communal approuve à l'unanimité les questions de personnel.*

10. Subsidés extraordinaires; décision

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): "Mir hunn dann de Punkt 10, Subsidés extraordinaires. An dësem Fall geet et ëm d'Pulter fir eis Harmonie municipale, Pupitres d'orchestre, fir am Theater. Mir hunn lech en deementsprechende Bréif mat enger offizieller Demande vun der Harmonie municipale an Ären Dossier geluegt. Dobäi annexéiert ass en Devis vun engem Gesamtmontant vu 6.100 Euro a mir géingen lech bieden dëser an eisen Aen noutwendeger Investitioun fir eis Harmonie municipale Är Zoustëmmung ze ginn. Au vote."

Conseillers présents:

M. Marc Baum – Mme Jeanne Becker – M. Félix Braz – M. Daniel Codello – Mme Annette Hildgen – M. Henri Hinterscheid – M. Jean Huss – M. Aly Jaerling – M. Pierre-Marc Knaff – M. Frunnes Maroldt – Mme Lydia Mutsch – M. Roger Roller – M. John Snel – Mme

Vera Spautz – M. Jean Tonnar – M. Paul Weidig – M. Everard Wohlfarth – M. André Zwally
Le Conseil Communal approuve à l'unanimité un subside de 5.156,15.- € pour l'Harmonie Municipale d'Esch.

11. Règlements de la circulation routière: confirmation et décision

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): "Mir kéimen dann zum leschte reguläre Punkt vum Ordre du jour, dat sinn eis traditionnell Reglementer vun der Circulation routière. An do géing ech mat grousser Freed, wann hien da soll disponibel sinn, eisem Verkéiersschaffen, dem Här Braz d'Wuert ginn."

Schäfte Félix Braz (DÉI GRÉNG): "Merci, Madame Buergermeeschter. Dir gesitt un Hand vun der relativ laanger Lëscht, dass mer elo zwee dräi Méint kee Gemengerot méi haten. Et sinn awer alles temporär Reglementer. A vu dass ech an Zukunft bei dëse Saache meng Fanger net méi am Spill hunn, mä just nach ka vu wäitem drop kucken, wollt ech lech soen, dass dat hei fir mech, Madame Buergermeeschter, an d'Kategorie fällt an Zukunft – ech wëll lech dat awer an d'Gesicht soen – for your eyes only."

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): "Au vote."

Conseillers présents:

M. Marc Baum – Mme Jeanne Becker – M. Félix Braz – M. Daniel Codello – Mme Annette Hildgen – M. Henri Hinterscheid – M. Jean Huss – M. Aly Jaerling – M. Pierre-Marc Knaff – M. Frunnes Maroldt – Mme Lydia Mutsch – M. Roger Roller – M. John Snel – Mme Vera Spautz – M. Jean Tonnar – M. Paul Weidig – M. Everard Wohlfarth – M. André Zwally
Le Conseil Communal approuve à l'unanimité les règlements de la circulation.

12. Remerciements aux membres sortants du conseil communal

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): "Sou, léif Kolleginnen a Kollegen, ech hat lech et schonn ugekënnegt, dass mer haut e besonnesche Punkt

um Ordre du jour stoen hunn. Well et drëm geet fir deene Conseilleren Awar ze soen a Merci fir déi geleeschten Aarbecht déi elo – op alle Fall an deenen nächste 6 Joer – net méi an dësem Gemengerot sëtzen.

Vun deene Conseilleren ass d'Jeanne Becker déi jéngste Conseillère um Tableau de préséance. D'Jeanne ass bei de Gemengewahle vum 9. Oktober 2005 an de Gemengerot gewielt ginn, mat engem ganz gudden Resultat. D'Madame Becker war 25 Joer Infirmière an huet esou Leed a Schmärze vun de Leit ganz no kenegeléiert. Dës Erfahrungen huet si dozou bruecht ganz besonnesch am soziale Beräich aktiv ze ginn an hirer Aarbecht als Gemengeconseiller. Si huet sech virun allem fir d'Rentner an d'Rentnerinnen oder Seniorinnen a Senioren – ech soen elo net wéi den Här Tonnar se nennt, dat ass net esou schéin – Pätterefeieren – esou, ëmmer sympathesch gemengt – an der Porte Ouverte am Centre Albert Schweitzer agesat an hat déi Escher Rentnersektioun mat roueger Hand duerch eng ganz turbulent Zäit bruecht. Dat kënne mer eis och nach ganz gutt erënneren. Si huet sech hei am Gemengerot, esou wéi an hirer Untrëttsriet vum 2. Dezember 2005 ugekënnegt – déi hu mer nogelies – virun allem fir d'Altepolitik agesat a si huet dat mat ganz vill Energie, Courage an Engagement gemaach. Mam Jeanne verléiert den Drëtten Alter hei am Gemengerot eng vu sengen engagéiertesten Ambassadrinnen. D'Jeanne huet, wat net esou vill Leit wëssen, eis Gemeng och am SARE an am Minettkompost vertraueden an och do gutt Aarbecht geleescht. Si war natierlech a virun allem an der Drëtt Alterskommissioun eng ganz engagéiert Presidentin. Awer och an der Sozialkommissioun an an de Kommissiounen vun den Affaires culturelles an am Conservatoire huet d'Jeanne gutt a gäre matgeschafft. A wat vill Leit net wëssen, hire Musekinteressen an hire groussen Knowhow an deem Beräich huet bei villen Décisiounen eng grouss Roll gespilt. Elo kann d'Jeanne sech mol nees e bëssen ëm sech selwer këmmen, wat mengen ech d'Jeanne net esou oft gemaach huet an net esou gewinnt ass, a virun allem ka sech elo ganz vill ëm déi ganz jonk këmmen, nämlech mat ganz vill Begeescherung als Bomi fir hir Enkelkanner asetzen. Mir géingen da well mer dat herno wëllen en groupe maachen, direkt weiderfuere mam Aly Jaerling, deen den 30. Januar 1948 hei zu Esch gebuer war, e Stackescher also esou ze soen, hien ass bei de Wahle vum 10. Oktober 1993 fir d'éischt an de Gemengerot gewielt ginn

an huet dem Gemengerot ouni Ënnerbriechung an ouni e Blat virun de Mond ze huele bis haut ugehéiert. Seng Bäitrag waren, ech mengen dat kann heibanne jiddweree bestätegen, bal ëmmer ganz interessant, oft ganz humorvoll an heiansdo souguer ganz richtig." (Gelaachs)

Aly Jaerling (Indépendant): "Läuschter dach een där Fra no!"

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): "Den Aly huet op der Schmelz geschafft an ass iwwert seng gewerkschaftlech Tätigkeet an d'Politik erakomm. Den 13. Juni 1999 ass hie fir d'éischte Kéier an d'Chamber gewielt ginn, wou hien och 10 Joer laang fir Liewe gesuergt huet. Den Aly war net nëmme gewerkschaftlech a politesch ëmmer aktiv, mä ass och a Sportkreeser bekannt, am Boxsport an am Keelesport – jo, mir wësse spéitstens zënter dem Aly dass dat e Sport ass – wou hie vill Verdéngschter opzeweisen huet. Heibäi, a bei allem wat den Aly an der Zukunft nach wëlles huet unzepakken, wënsche mir him alleguerte bonne chance an eng glécklech Hand.

De Roger Roller, dee genee wéi meng Elteren, 1937 gebuer gouf, och hei zu Esch, ass den 11. Oktober 1987 fir d'éischt fir seng Partei an d'Wahle gaangen an ass den 9. März 1993 vereedegt gi fir d'Mandat vum Dr Nicolas Majerus fäerdeg ze maachen. Vun 1996 u war de Roger Roller ouni Ënnerbriechung am Gemengerot. Dat ass eng laang Zäit. De Rosch war besonnesch an der Industriean Energiekommissioun engagéiert, wou säi Rot ëmmer gäre gehéiert a ganz oft befollegt ginn ass. De Roger huet op der Arbed geschafft a war gewerkschaftlech engagéiert, en Engagement dat hie bis elo ëmmer begleet huet bei sengen lwwerleungen a bei sengen Engagementer. De Roger wäert elo vill méi Zäit hunn a sengem Haus op der Musel ze verbréngen a mat senger Fra zesumme weider schéi Reesen duerch d'ganz Welt ze ënnerhuelen. Roger, maach et gutt an am léifste bei allerbeschter Gesondheet. D'Mady Hannen, déi haut leider krankheetshalber entschëllegt ass, de 26. November 1950 hei zu Esch gebuer, ass de 7. September 1999 als Gemengeconseillère vereedegt ginn, nodeem de François Biltgen zum Ministeréiere koum. D'Mady hat e groussen Asaz an der Gläichheetkommissioun an an der Sozialkommissioun a war e fairen a gerechte Member vun eisem Comité interne de recrutement. D'Mady Hannen ass vu Formatioun Infirmière an huet am

12. Remerciements aux membres sortants du conseil communal

Escher Spidol, dem CHEM als ATM geschafft. D'Mady war ëmmer an och gewerkschaftlech engagéiert. Besonnesch aktiv war si bei de Lëtzebuenger Guiden an als sougenannte „Foulard blanc“ fir krank Leit op Lourdes ze begleeden an huet aner ganz wichteg sozial Begleetaarbechten do gemaach. Zënter Joeren ass d'Mady virun allem ganz engagéiert an der Hëllef fir Wäissrussland. Elo, nodeem d'Mady d'Pensioun am Spidol huet, ech ka mech nach gutt un déi Éierungszeremonie erënneren, kann hatt sech nach méi fir déi verschidden Hëlleforganisationen asetzen a mir wënschen him dobäi ganz vill Courage, well mir hu Respekt virun esou vill Engagement. Merci, en absence, dem Mady.

De John Snel, e richtege Politdinosaurier, gouf den 10. Juli 1946 gebuer, ass de 25. Juli 1980 als Conseiller vereedelegt gi fir d'Mandat vum Guy Wagner fäerdeg ze maachen. Duerno ass de John an ënnerschiddleche Fonctiounen ëmmer erëm gewielt ginn a war och vum 2. Juni 2000 u bis den 1. Dezember 2002 op en Neits Member vum Schäfferot, wou hien ënner anerem de schwéieren Dossier vun Travaux municipaux als Ressort hat. D'Baukommissioun an d'Schaffen an där Kommissioun lounge dem John ganz besonnesch um Häerz. Ervirzehiewe sinn och dem John seng Mériter als President vun der Finanzkommisoun a bei der rezenter Reform vun der Procédure budgétaire. De John huet net nëmme als Member vun enger ganzer Rei Kommissiounen gutt a vill geschafft, Reformkommissioun um administrative Beräich, Hygiene, Conservatoire, Kulturkommissioun, Personalkommissioun, Jumelagekommissioun, mä de John huet och ganz engagéiert als Member vum Schäfferot an an anere Fonctiounen d'Interesse vun der Stad an enger Rei vu Gemengesyndikater verdeedelegt, wéi dem SIVC, dem SICEC, dem Minettkompost a ganz legendär dem TICE. 31 Joer am Déngscht

vun der Escher Gemeng, ech mengen dem John kënnen, d'äerfen a mussen e ganz besonnesch häerzleche Merci soen. Politesch kann een de John als e sozialdemokratescht Urgestein aus echtem Schrot a Korn bezeechne wéi et der leider net méi ganz vill ginn. Nieft sengem Berufsliewen als Professor am Lycée technique hei zu Esch wëll ech hei awer och seng Mérite fir den Escher Vëlossport an d'Philatelie ënnersträichen, ouni dobäi dem John säi ganz groussen Asaz fir eist Kulturliewen an eist gesellschaftlech Liewen hei zu Esch wëllen ze vergiessen. Maach et gutt John.

De Félix Braz, ee vun deene Jéngsten, gouf gebuer am Mäerz 1966 an hie war den 21. Februar 1995 an de Gemengerot gewielt ginn an do war hie bis haut. Allerdéngs mam Ënnerscheid, dass hien zënter dem 2. Juni 2000 am Schäfferot ass. Bis 1991 huet de Félix als Journalist geschafft, ier hien du Fraktiounssekretär bei der Virgängerpartei vun de Grénge ginn ass an duerno natierlech bei deene Grénge. Vun 2004 un als Deputéierten an der Chamber kann een de Félix roueg als Vollblutpolitiker bezeechnen, dee scho ganz vill Unerkennung op ganz ville Pläng kritt huet. 2006 huet hien ënner anerem den nationale Verdéngschtuerde vum portugisesche Stat, Medalha de Comendador da Ordem do Mérito vum portugisesche President Sampaio selwer verlié kritt an zwar am Kader vun enger memorabler Statsvisite hei zu Esch, wou iwwregens och d'Madame Sampaio dobäi war.

De Félix huet an deene leschte bal 12 Joer am Schäfferot och e wesentleche Bäitrag gelescht fir eis Stad Esch ze moderniséieren an no vir ze bréngen. An dat och an enger Rei vun net kllassesche grénge Dossieren. Ech denken do ënner anerem un d'Reforme administrative, un d'Stadentwécklung oder un eng ganz Rei gesellschaftspolitesch Dossieren. Och nei Weeër an der Mobilitéitspolitik, bei der

Parkraumgestaltung an en Ëmdenken an energie- an ëmweltpolitesche Froe si säi Mérite. De Félix huet decidéiert d'Lokalpolitik ze verloosse fir sech ganz senger Aarbecht an der Chamber ze widmen. Dat ass fir eis natierlech e grouse Verloscht, mä et ass seng Décisioun an déi mussen mir respektéieren. Mir hate gehofft, mir kéinte nach laang mat him rechnen a ween de Félix kennt, dee weess, dass ech dat wuertwärtlech mengen. Déi eng Leit hunn eng Rechemaschinn a mir haten eise Félix. Op déi App mussen mer elo leider verzichten (Gelaachs)

- Félix, deng éischt Ried am Gemengerot, den 13. Mäerz 1995 hues do op franséisch gehalen. Dofir wëll ech Dir och elo am Numm vun eis all op franséisch Merci soen: Merci! Als Member vum Schäfferot soe mir Dir haut nach net Awar, do muss du nach e puer Woche waarden an do hu mer och nach eng kleng Surprise parat. Lech alleguerten, léif Kolleginnen a Kollegen, wëll ech haut am Numm vun der ganzer Stad Esch ganz offiziell e ganz grouse Merci soe fir Ären Asaz fir eis Stad. A vläicht gesi mer jo deen een oder anere vun lech nees eng Kéier hei erëm. Dat wier op alle Fall fir Esch a fir eis all e grouse Gewinn. An elo géing ech lech da bieden am Numm vum ganze Gemengerot, an ech mengen ech dierf och soen, am Numm vun der Stad Esch, e kleng Cadeau mat op de Wee ze ginn dee soll d'Unerkennung symboliséiere fir déi gutt Aarbecht déi Dir déi ganz Joere fir d'Stad Esch gelescht hutt. Grouse Merci an natierlech gi mer duerno alleguerten zu Ären Éieren zesammen iessen, an och d'Membere vun der Press si ganz häerzlech invitéiert.

(Bäifall)

- Da géing ech bieden déi Geéiert opzestoen a bis erop ze kommen a vläicht och d'Membere vum Schäfferot an déi aner sech dobäi ze stellen, dass mer kënnen eng Photo de famille maachen."

Le Conseil Communal sortant, mandat 2006-2011



1. Rei, vu léns no riets: John Snel (LSAP), Daniel Codello (LSAP), Roger Roller (CSV), Jeanne Becker (LSAP), Lydia Mutsch (LSAP), Félix Braz (Déi Gréng), Aly Jaerling (Indépendant).
2. Rei: Jean Huss (Déi Gréng), Jean Tonnar (LSAP), André Zwally (CSV), Henri Hinterscheid (LSAP), Vera Spautz (LSAP), Frunnes Maroldt (CSV), Paul Weidig (LSAP).
3. Rei: Annette Hildgen (CSV), Marc Baum (Déi Lénk), Pierre-Marc Knaff (DP), Everard Wohlfarth (LSAP).
Op der Foto feelt Mme Mady Hannen (CSV).

Résumé en français de la séance du Conseil communal du 21 octobre 2011 (Pour le détail des votes, veuillez consulter le texte luxembourgeois)

2. Information au public des décisions de personnel.

A) Démissions

1) Démission honorable à accorder, sur sa demande et avec effet au 1^{er} novembre 2011, à Monsieur Jeannot Clement, secrétaire communal.

2) Démission honorable à accorder, sur sa demande et avec effet au 1^{er} mars 2012, à Monsieur Claude Arnoldy, affecté au service informatique.

